

Présents com. finances: Steichen (président), Flies, Gutenkauf, Jacoby, Michels,
Rasqui, Solvi
Larry (secrétaire)

Excusé : Delgado, Kons, Mangen, Reuter-Schmit, Strasser

Ordre du jour

- 1) Révision du prix de l'eau
- 2) Présentation du plan pluriannuel financier (PPF)
- 3) Divers

1) Révisioun Waasserpräis :

Presentatioun vum vereinfachten Excelstableau deen op den Donnéeën vum Tableur vun der AGE/Best baséiert.

Depensen an d'Recetten sinn all opgeléicht. Den Tableur vun der AGE rechent dann en käschendeckenden Waasserpräis aus. (voir Annex)

Bei den Amortissementer vun eisen Infrastrukturen gëtt en Eenheitspräis geholl, deen d'AGE festgeluecht huet an deen fir all Gemeng d'selwecht ass.

Eis reell Käschten, déi mir an d'Waassernetz an an de Bau vun de Wëssensinfrastrukturen investéiert hunn ginn do leider net consideréiert.

Et stellt sech d'Fro op eisen neien Waasserpräis dann wierklech Käschendeckend ass well eisen reellen Investment net mat afléisst. Et misst een den Amortissement eng Kéier mat eisen reellen Fraisen rechnen a kucken op dat vergläichbar ass mam Amortissement vun der AGE.

Laut Tableur vun der AGE gëtt d'Part fixe vum Waasserpräis e gutt Stéck méi deier. Fir d'Awunner awer elo dozou ze kréin Waasser ze spueren misst d'Part variabel méi deier sinn.

D'Recommandatioun vun der Finanzkommissioun ass de Waasserpräis esou wei en vum Tableur ausgerechent ginn ass nach eng Kéier z'iwwerschaffen. D'Part fixe soll erof goen an d'Part variabel muss erop gesat ginn, fir dass déi Leit déi wierklech vill consomméieren och dofir opkommen.

Et war och nach d'Fro opkomm, weivill Verloschter am Reseau sinn. Dëst misst eng Kéier zesummen mam SIVE gekuckt ginn. Wann d'Smartmeteren elo mol all bis a Betrib sinn, gëtt et méi einfach d'Fuite'en am Reseau ze gesinn an et kann méi séier reagiert ginn.

2) PPF :

D'Gemeng Ettelbréck ass finanztechnesch gutt opgestallt. (PDF an der Annex)

De Compte 2020 ass besser ausgefall wéi ufanks gemengt. Dat hänkt domat zesummen dass awer méi Dotatioun vum Staat konnt ausgeschott ginn wéi dat am Ufank vun der Pandemie geduecht war.

FDG initial 2020: 28.644.208 €

FDG rectificié 2020: 24.576.204 € (- 14,2 % par rapport aux prévisions initiales 2020)

FDG Compte 2020: 26.268.613 € (+ 6,44 % par rapport au budget rectificié 2020 et - 8,29 % par rapport aux prévisions initiales 2020)

Wat d'Emprunt'en ubelaangt, sou muss d'Gemeng iwert die nächst 4 Joer knapps 30 Milliounen € léngen, fir ënnert anerem eng nei Schoul ze bauen an eng sëllegen Stroossen frësch ze maachen.

Den neien Pacte logement 2.0 fléisst de Moment nach net an de PPF an. Soubal do genau gewosst ass wat d'Gemeng kritt, ginn déi Donnée'en och am PPF à jour gesat.

3) Divers : /

Ettelbruck, den 27 Juli 2021

Président,

Secrétaire,

Bob STEICHEN

Claire LARRY

